N°3658
Entrée le 13.02.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.02.2026
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 13. Februar 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

De 6. Februar 2026 huet d'Madamm Ministesch, Vertriederinnen aus dem Saarland, Rheinland-Pfalz an der Regioun Grand Est, zu Lëtzebuerg empfaangen. Um Ordre du jour vun dëser Aarbechtsvisitt stoung eng verstäerkte grenziwwerschreidend Kooperatioun am Beräich vun der Mobilitéit. Am Kader vun dëser Visitt gouf eng Machbarkeetsstudie iwwert eng direkt Zuchverbindung Lëtzebuerg-Saarbrécken-Mannheim virgestallt. Dës Studie huet och technesch, infrastrukturell, juristesch a finanziell Hürde fir esou e Projet identifizéiert.

An deem Kontext wéilte mir der Madamm Ministesch follgend Froe stellen:

- Wat sinn d'Conclusiounen vun der Machbarkeetsstudie?
- Wat fir technesch, infrastrukturell, juristesch a finanziell Hürde goufen an der Machbarkeetsstudie identifizéiert?
- Wéini ass mat dëser direkter Zuchverbindung ze rechnen?
- Wéi eng Aarbechte mussen op Lëtzebuerger Säit ënnerholl gi fir dës Zuchverbindung z'erméiglechen a no wat fir engem Zäitplang?
- Wat fir finanziell Engagementer goufen et vun deene verschiddene Säiten?

Mat déiwem Respekt

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten

Yves Cruchten
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu